

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mars Di Bartolomeo, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Jos Scheuer et Georges Wohlfart;

MM. Jean Colombero, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira et Mme Renée Wagener.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

An da komme mer zur Diskussioun vum Projet de loi 5099 iwwert den Energieverbrauch. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Emile Calmes.

11. 5099 - Projet de loi instaurant un régime d'aide à la protection de l'environnement, à l'utilisation rationnelle de l'énergie et à la production d'énergie de sources renouvelables

Rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Transports

M. Emile Calmes (DP), rapporteur.- Här President, Dir Damen an Dir Hären, mir hunn et hei mat engem Gesetz ze dinn, wat een Hëllefregime fir d'Betribler aféiert a Saachen Ëmweltschutz, rational Notzung vum der Energie an och erneierbar Energien. Dat Gesetz hei ass den 13. Februar vum leschte Joer déposéiert ginn, de 7. Oktober huet de Statsrot säin Avis dozou ginn, den 12. an den 18. November hu mer eis an der zoustänneger Wirtschaftskommissioun doriwwer ënnerhalen an den 21. Januar ass de Rapport vun dem Gesetz hei gestëmmt ginn.

Den Ursprung vun deem Gesetz hei geet zrëck op d'Wirtschaftsförderungsgesetz vum 27. Juli 1993 wou iwwert den Artikel 7 ee spezifesch Regime agefouert ginn ass a Saachen Ëmweltschutz a rational Notzung vum der Energie. D'Be-grënnung fir dësen Artikel war et d'Entreprise ze encouragéieren an Ëmweltschutzprogrammen a Projeten ze investéieren, déi zum Zil hunn d'Emissioun an d'Loft an an d'Waasser, grad esou wéi den Offall ze prévenéieren, ze reduzéieren, an dann awer och ze eliminéieren, grad esou ewéi d'Kaméidis- an d'Gestanksemissiounen erofzesetzen.

Well den europäeschen Traité awer - iwwert den Artikel 88 - der Kommissioun eng exklusiv Kompetenz a Saache Statshëllefeng octroyéiert, a well déiselwecht Kommissioun nodeem se den 9. Dezember 1992 dëse Regime gutt gehalen huet, de 26. Januar 2001 en neie Kader fir Statshëllef fir den Ëmweltschutz festgehalen huet, dränge sech natierlech och fir Lëtzebuerg hei nei gesetzlech Dispositiounen op, a Saachen éischters Ëmweltschutz, zweetens rational Notzung vum der Energie an drëttens erneierbar Energien. An dofir huet d'Kommissioun d'Regierung informéiert, datt d'Dispositioun vum Artikel 7 nëmme Gültgkeet hätte bis den 31. Dezember 2001 an duerno net méi kompatibel wiere mat deem neie Regime an dofir mussen dann dës Regele geännert ginn.

Dat Gesetz hei ass also dat, wat am alen Artikel 7 vun deem sou genannte Wirtschaftsförderungsgesetz muss geännert ginn. An déi Dispositiounen hei fanne mer alleguerten an engem neie Gesetz erëm, wat d'Nummer 5069 huet, an esou an déi Beräicher Ëmweltschutz, rational Notzung an erneierbar Energien ofgetrennt gëtt vum ale Wirtschaftsförderungsgesetz, fir esou och Interferenzen mat deenen anere Regimer, wat d'Recherche an den Développement a

PMEE betrëfft, ze vermeiden, fir awer och ze vermeiden, dass dat Gesetz erëm eemol vun der Europäescher Kommissioun ganz ënert d'Lupp geholl gëtt. An Zukunft wëllt d'Regierung och dëse Wee goen, wann et ëm nei Emännerungen an deem Gesetz hei geet.

Nom alen Artikel 7 vun deem sou genannte Wirtschaftsförderungsgesetz konnten de Betribler, a Saachen Ëmweltschutz a rational Notzung vum der Energie, Hëllef bis zu 25% octroyéiert ginn. De Bilan vun dësen Dispositiounen ergëtt, dass an de Joren 1994 bis 2001 33 Projete vun dësen Dispositiounen konnte profitéieren an dass déi Projeten 23 Milliounen Euro Hëllef kritt hunn.

Mat deem neie Gesetz ginn da véier Hëllefregimer agefouert. Deen éischte Regime setzt dann Hëllef fest, fir Investissementer am Intérêt vum Ëmweltschutz, déi deenen Entrepreneuren zegutt kommen déi ënnert dëse Champ d'application an och ënnert dëst Gesetz hei falen, an déi Investitiounen realiséieren déi eng oder méi communautär Normen dépasséieren, oder wann déi Betribler Investitiounen realiséieren wou keng communautär Norm bestinn, oder awer Investitiounen realiséieren, déi iwwer national Normen erausginn, oder fir sech un nationalen Normen ze conforméieren, déi dann awer méi streng si wéi communautär Normen, an an deem Fall kënnen d'Betribler bis zu 30% Hëllef kréien.

Et gëtt dann nach een zweete Regime vun Hëllefeng agefouert, nämlech dee fir Investissementer wat d'rational Notzung vum der Energie ugeet; an hei kënnen d'Hëllef bis zu 40% eropgoen.

Drëttens ass dann nach ee Regime virgesi fir Hëllefeng an Investissementer, wou et dorëms geet, d'Stroumproduktioun eropzesetzen, an dat op Grond vun erneierbaren Energien an och hei kënnen dës Hëllef bis zu 40% goen.

An da gëtt des Weideren nach ee Regime vun Hëllefeng agefouert, wou et dorëms geet, Investissementer ze ënnerstëtzen a Blockheizkraftwierker, respektiv Cogénérationen genannt. Och dës Hëllef kënn bis zu 40% goen, virausgesat, dass d'Rendementskonditiounen effikass genuch sinn.

Fir déi Kleng- a Mëttelbetribler - an ënner Kleng- a Mëttelbetribler an deem Gesetz hei versteet een Entrepreneuren, déi bis zu 250 Leit beschäftegen - kënnen dann dës Hëllefeng, déi ech hei genannt hunn, dat heescht vun 30 a vu 40% nach eemol ëm 10% eropgesat ginn. Dës Kleng- a Mëttelbetribler kënnen awer och nach vun deenen alen Aiden, déi bis zu 15% kënn goen, profitéieren, wa se sech un déi Normen adaptéieren; virausgesat nodeems dës communautär Normen an deenen dräi Joer an deem Land ëmgasat sinn.

Fir dës Hëllefeng auszebezuelt ginn déi zwee Ministeren - et sinn der an deem heite Fall zwee, de Finanzminister an de Wirtschaftsminister - begleet vun enger consultativer Kommissioun, déi en Avis ka maachen zu deenen Aiden, déi hei ugefrot ginn. Et kënnen och all déi Betribler dovunner profitéieren, déi an der Vergaangenheet op Grond vun deem Gesetz investéiert hunn, virausgesat si hunn eng Demande au préalable gemaach, wou se dunn hir Aarbechten ugefaangen hunn.

Dat Gesetz hei ass da geduecht fir industriell Betribler an awer och fir Dëngschtleeschungsbetribler, ënnert der Konditioun, dass se - esou steet et an engem Reglement - eng Influence motrice op déi wirtschaftlech Entwécklung vun eisem Land hunn. Et ass an engem Reglement vun 1997 festgehalen, wat fir Dëngschtleeschungsbetribler dat hei sinn.

Mir hunn an der Kommissioun dann och déi verschidden Avisen duerchgekuckt, souwuel déi vun

der Chambre de Commerce, wéi och déi vun der Chambre des Métiers an dee vum Conseil d'État. Déi Avisen waren duerchaus positiv, d'Chambre des Métiers huet just bemierkt a gefrot, ob déi Dispositiounen dann hei och géife gëlle fir Handwerksbetribler. Dat ass net de Fall. D'Hëllef fir d'Handwerksbetribler ginn iwwer een aner Gesetz geregelt, e Gesetz wat och schonn am Laf vum leschte Joer déposéiert ginn ass, wat d'Nummer 5148 huet a wat e generelle Kader soll festsetzen, fir en Hëllefregime ze schafen, deen dann dem Secteur vun de Classes moyennes integral zoukënn.

Et muss een awer do ënnersträichen, dass och dat Gesetz sech op dat Reglement vun der Europäescher Kommissioun baséiert. Och hei sinn Hëllefeng zwëschen 30 a 40% virgesinn, déi och ëm 10% majoréiert kënn ginn; och nach zousätzlech ëm 5% wa se ënnert de Regime vun enger Region falen, respektiv ëm 10% wann et sech ëm PMEen handelt.

No deene Reglementer fir d'Particulieren, déi am Joer 2001 geholl gi sinn, an och mat deem sou genannten a generéise Aspeisungsgesetz, mengen ech, hätte mer, wann dat Gesetz 5148 iwwert de Mëttelstand d'Chamber hei passéiert hätt, ee kompletten Arsenal a Saachen Ëmweltschutz, rational Notzung an och Förderung vun erneierbaren Energien a Cogénération fir d'Betribler, ob et Kleng- oder Mëttelbetribler sinn oder Industrien.

Ech mengen, domat géif Lëtzebuerg un der Spëtzt vun dësen Dispositiounen stoen an an deem Sënn géif ech lech dann och invitéieren d'Zoustëmmung deem Gesetz hei ze ginn.

Merci.

M. le Président.- Als éischten Diskussionsriedner ass den Här Lucien Clement agedroen. Den Här Clement huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Lucien Clement (CSV).- Här President, Dir Damen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech dem Rapporteur, dem Emile Calmes, merci soe fir säin ausféierleche schrëftlechen an och mëndleche Rapport.

De Gesetzestext, iwwert dee mer haut hei ofstëmme, gesäit vir déi bestehend Virschreften aus dem Artikel 7 vum Gesetz vum 27. Juli 1993 iwwert d'Bäihëlleferegulung zu Gonschte vum Ëmweltschutz an der rationaler Notzung vum der Energie ze ersetzen. Bedéngt duerch en neie communautären Encadrement vun de staatleche Bäihëllefeng zu Gonschte vum Ëmweltschutz si mer gezwongen eis national Bäihëlleferegulung an dëser Matière nei ze definéieren.

Ee vun den Hauptpunkten an dem Gesetzestext ass deen, datt et net zu enger Ännerung vun der Loi-cadre vum 27. Juli 1993 kënn, mä et ass e ganz neien Text, deen déi verschidde Bäihëllefeng am Beräich vum Ëmweltschutz, vun der rationaler Benotzung vum der Energie, esou wéi am Beräich vum Energiegewinnung aus erneierbaren Energiequelle regele soll.

Wa mer nëmme d'Dispositiounen vum Artikel 7 am Text vum 1993 géifen änneren, esou hätt dat en direkten Impakt op déi aner Bäihëlleferegulung aus der Loi-cadre, wéi zum Beispill fir d'Fuerschung an d'Entwécklung oder fir Kleng- a Mëttelbetribler, deenen hir Dispositiounen da selbstverständlech och misste geännert ginn. Fir dës Problemer awer aus dem Wee ze goen ass décidéiert ginn e ganz neien Text ze verfaassen, deen nëmme Bäihëllefeng am Beräich vum Ëmweltschutz, der rationaler Notzung

an der Energiegewinnung regele soll.

Déi verschidde finanziell Bäihëllefeng, déi am Gesetzesprojet virgesi sinn, bezéie sech op zwee verschidden Uwendungsbereicher. Engersäits ginn et Hëllef fir Betribler, déi Mesuren zu Gonschte vum Ëmweltschutz an der rationaler Notzung vum der Energie huelen, anersäits sinn dat Ënnerstëtzung fir Betribler déi wëlles hunn Energie aus erneierbaren Energiequellen ze gewannen. Dat éischt Applikationsfeld betrëfft all industriell Betribler, esou wéi Dëngschtleeschungsbetribler.

Projeten zur Energiegewinnung aus erneierbaren Energiequelle kënn mat enger staatlecher Ënnerstëtzung rechnen, ënnert der Konditioun, datt et sech och ëm Betribler handelt, déi konform zu der Lëtzebuurger Rechtsgrondlag gegrenzt goufen. Ausgeschlossen allerding - de Rapporteur huet et scho gesot - vun dëse Bäihëllefeng sinn ausser de klengen artisanale Betribler, déi iwwert dat nei Gesetz vun der Loi-cadre reglementéiert ginn, d'Sociétés de personnes a Privatleit. Dës Leit kënnen allerding ënnerstëtzung beim Ëmweltministère ufroen.

Hei konnt ech feststellen, wann een de Site vum Ëmweltministère gekuckt huet haut de Moien, datt d'Reglement ofgeännert ginn ass an zwar esou, datt et guer keng Bäihëllefeng géife ginn. Bäihëllefeng fir kleng Photovoltaikanlage bleiwen zu 50% bestoen, mä et ass degressiv ofgeännert ginn. Wann ee kuckt vu véier Kilowatt bis zéng Kilowatt gëtt et net méi 4.000 Euro, wéi dat bis elo war maximal Kilowatt, mä et gëtt nëmme méi 2.620 an dat geet erof bis 50 Kilowatt, wou et nëmme méi 1.590 Euro maximal kënn ginn. D'Erklärung, déi ech dofir krut, ass déi, datt gréisser Anlage méi rentabel kënn schaffe wéi kleng Anlagen, esou datt de Pay-back vu gréisseren Anlage scho bei fënnf bis sechs Joer sech géif rechnen, woubäi kleng Anlage vun nëmme e puer Kilowatt eng Pay-back-Zäit hätte vun zwielef bis dräizéng Joer.

Déi gréisst Neierung vun dëser Gesetzgebung betrëfft allerding d'Intensitéit vun deene verschidde Bäihëlleferegulungen. Si bedroen 30% fir Investissementer an den Ëmweltschutz a 40% fir Investissementer a rational Notzung vum der Energie, esou wéi fir d'Energiegewinnung aus erneierbaren Energiequellen. Dës Tauxen entsprechen dem Taux maximal, deen an de communautären Texten an dëser Matière virgesinn ass.

Déi verschidde Chambres professionnelles begreisse selbstverständlech, datt fir déi eenzel Bäihëlleferegulungen jee weils den héchste Prozentsaz am Gesetzestext zréckbehalen gouf. Well de Käschtepunkt vun deene verschidde Investissementer fir Kleng- a Mëttelbetribler méi schwéier ze droen ass wéi fir grouss Entrepreneuren, kënnen déi verschidde Taux fir Kleng- a Mëttelbetribler, dat heescht Betribler vu manner wéi 250 Leit, wat hei zu Lëtzebuerg, géif ech soen, trotzdeem awer scho relativ grouss Betribler sinn, nach ëm 10% an d'Luucht gesat ginn.

Investissementer, fir déi eng finanziell Ënnerstëtzung ugefrot ka ginn, sinn zum Beispill Terrainen, nei Infrastrukturen, Gebaier, Installatiounen an Equipementer. Dës Investissementer ginn awer nëmme ënnerstëtzt wa se och wierklech dozou bäidroen déi virgeschriwwen Ziler, wéi de verbesserten Ëmweltschutz, déi rational Notzung vum Energien an Energiegewinnung aus erneierbaren Energiequellen, och ze erreechen.

Ausserdeem kënnen och ënner bestëmmte Konditiounen Investissementer en actif et en matériel subventionéiert ginn. Esou zum Beispill den Transfert vun Technologien ënnert der Form vu Beschaffung vun Exploitationslizenzen

oder techneschem Wëssen, déi brevetéiert oder och net brevetéiert sinn.

Bei deene verschidde finanzielle Bäihëllefeng, déi d'Betribler ufroe kënnen, handelt et sech exklusiv ëm Kapitalsubventiounen. Den Zënszouschoss, esou wéi d'Statsgarantie, déi nach am Kadergesetz vum 1993 als Bäihëllefmechanisme virgesi waren, ginn an deem Text net méi zréckbehalen, well am Laf vun de Jore goufen se och weider net ugefrot. Deemno ginn also nëmme méi Kapitalsubventiounen ausbezuelt.

Zënter der Aféierung vun der Bäihëlleferegulung fir den Ëmweltschutz a fir d'Notzung vum der rationaler Notzung vum der Energie duerch d'Gesetz vum 27. Juli goufen eng 40 Projete finanziell ënnerstëtzt. Zënter 1997 beleeft sech de Montant vun den Interventiounen op 2,5 Milliounen Euro pro Joer. Duerch d'Eropsetze vun deene verschidde Taux geet de finanziellen Impakt selbstverständlech och an d'Luucht. Ënnert der Hypothees, datt d'Unzuel an de Montant vun deenen zukünftigen Investissementer relativ konstant bleift an a Kombinatioun mat dem neien Interventionsniveau, deen och an d'Luucht geet, kënn een zur Konkusioun, datt sech de Montant vun de finanzielle Bäihëllefeng pro Projet verduebelt an datt de Montant vun den öffentlechen Interventiounen an der Moyenne op 6,3 Milliounen Euro eropwuesse wäert.

Ech mengen, Här President, datt dësen Text e wichtige Schrëtt an d'Richtung vum Schutz vun der Ëmwelt ass. Dës Bäihëllefeng erlaben et selbstverständlech den Entrepreneuren sech un international Normen a Saachen Ëmweltschutz unzepassen. Ausserdeem ka mat Sécherheet och d'Kompetitivitéit vun deem engen oder anere Betrib verbessert ginn. Dës finanziell Ënnerstëtzung kënnen awer och dozou bäidroen, datt mer déi Verpflichtungen, op déi mer am Protokoll vu Kyoto agange sinn, och erfëlle kënnen.

Et ass, géif ech soen, e gudden Text, deen an de Kommissiounssëtzung weineg Problemer gemaach huet. Den Text ass och vun der Europäescher Kommissioun guttgeheescht ginn. Dofir géng ech dann, Här President, och den Accord vun der CSV-Fraktioun zu deem Text ginn.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Gusty Graas agedroen. Den Här Graas huet d'Wuert.

M. Gusty Graas (DP).- Här President, Dir Damen an Dir Hären, wann een enger leschter Ëmfro gleewe kann, déi iwwerengs am Optrag vun der Chamber gemaach ginn ass, dann hätt den Ëmweltschutz e relativ héije Stellenwäert an der Gesellschaft, mä wéi dat jo ëmmer esou mat deenen Ëmfroen ass, muss een awer gewësse Reserve vu virera mat umellen.

Tatsaach ass allerding, datt mer ouni Zweifel eng Rei vu seriöse Problemer mat der natierlecher Ëmwelt hunn. Eis Gewässerleef sinn net onbedéngt an der beschter Situatioun, an eis Bëscher sinn alles aneschtens wéi kargesond an d'Klimaverännerung mécht eis och vill Suergen. Also ass et schon evident, datt eng gewëssen nei Denkkultur muss kommen, fir déi Problemer do méi offensiv unzegoen. Dat géllt natierlech virun allem fir déi klimatesch Verhältnisse, an déi gi jo och zu enger Rei vu Spekulationen Ulass.

1995 huet zum Beispill den zweete Rapport vum Groupe intergouvernemental d'experts sur l'évaluation du climat festgehalen, dass mënschlecht Wierken u sech schonn de Klima géng beaflossen. Sou soll déi global lwwerflächentemperatur bis d'Joer 2100 ëm 1 bis 3 Grad klammen. Dat wär jiddefalls dee séierste Changement zënter

dem Enn vun der leschter Äiszeit. Am selwechten Zäitraum, esou gëtt spekuléiert, kënn den Niveau vun de Mierer ëm 15 bis 95 Zentimeter an d'Luucht goen. Dat géing mat sech bréngen, an hei referéieren ech mech op Aussoe vun engem eminente belsche Professor, dem Här André Berger, deen de leschte Samschdeg geleeëntlech vun der Journée de l'Ingénieur eng ganz interessant Konferenz iwwert déi Problematik gehalen huet, dass ronn eng Milliard Leit géngen an engem Zäitraum migréieren.

Enger rezenten amerikanescher Etüd no wär nach een neie Phänomen als Konsequenz vum Klimawissel, dee sech géing bemierkbar maachen, nämlech d'Begëschtegung vun zousätzleche Krankheetserreger. Den Treibhauseffekt, sou gëtt dat an där Etüd duergestallt, géing de Risiko vun Epidemii bei Déieren, Planzen a bei de Mënsche vergréisseren. Dat kann ee jiddefalls an der Zäitschrëft „Science“ nolliesen.

Virun allem de leschte Summer, wou mir jo deeglaang Temperaturen ëm déi 40 Grad haten, ass natierlech déi ganz Diskussioun erëm nei ugeuerbelt ginn. Souguer an der Hypothees, dass d'Aerderwärmung net a Relatioun ze setze wär mat dem Ausstouss vun deenen nociv Gasen, virun allem natierlech dem CO₂, mengen ech awer, dass een all Interêt drun hätt, Efforten ze maachen, fir besonnesch eng Reduktioun vun deene Gasen ze erreechen. Et dierf een och net vergiessen, dass bei der Verbrennung vu fossile Brennstoffe Micro-particulë fräi gesat ginn, déi en direkten negativen Impact op d'Gesondheet hunn. Ech denken hei besonnesch un déi gefeierlech Particulen, déi manner wéi 2,5 Dausendstel Millimeter hunn an déi direkt an d'Longe ginn.

(Interruption)

2,5 Dausendstel Millimeter.

Ech wëll nach hiweisen - mäi Virriedner huet dat och ënnerstrach -, dass de Charel Goerens an den Eugène Berger mat hirem Förderprogramm fir alternativ Energien e ganz grouss Succès hunn. Här Clement, esou e grouss Succès, dass mir dee Programm schonn hu missen no ënne revidéieren. Et ass ze begrëssen, dass dee Förderprogramm elo ausgedehnt gëtt op d'Industrie. Mat deem Gesetz ginn déi Betriber, déi Energie aus erneierbare Quelle gewannen an dozou bäidroen, dass manner Energie gebraucht gëtt, ënnerstëtzt. Dat ass ouni Zweifel e wichtigen Aspekt vum Klimaschutz.

Dernieft muss een awer och op den ekonomeschen Aspekt hiweisen, well mat der Notzung vu gudden Technologie kann ee vill manner Energie verbrauchen, wat sech natierlech positiv op de Bilan vun engem Betrib auswierkt. Méi ëmweltfrëndlech Produktiounsmethoden hunn och e positiven Impact op d'Gesondheet vun den Aarbechter, en Aspekt, deen een net soll ënnerschätzen.

Natierlech muss an enger fräier Maartwirtschaft ëmmer déi kruzial Fro gestallt ginn, wéiwäit de Stat soll finanziell an de Produktiounsprozess agräifen. Viraner ass et wichtig, dass e fiskalescht Ëmfeld geschafe gëtt. Do kann dës Regierung ouni Zweifel op ganz grouss Projeten zréckkucken, well se huet dozou bäigedroen, dass mer zu Lëtzebuerg e ganz kompetitiiv Ëmfeld hunn.

Elo kréien natierlech d'Betriber zousätzlech Aiden, wa se Efforten um Niveau vum Ëmweltschutz maachen. Sécher gëtt do un eischter Linn een anert Zil verfolgegt, dat heescht, déi Subventiounen si geduecht fir d'Ëmwelt ze schützen. Wa mir eis als Liberaler och munchmol vläicht méi schwéier di wéi anerer,...

(Interruption)

Här Scheuer, gitt mir eng Chance, mäi Saz zu Enn ze bréngen

...wat d'Subventionenpolitik ubelaangt, sou mengen ech, dass et an deem heite Fall ouni Zweifel berechtigt ass, Subventiounen ze accordéieren, well se dozou bäidroen e globaalt Zil ze erreechen, nämlech eng Verbesserung vun der Ëmwelt unzustriewen. Dat ass ouni Zweifel am Interêt vun der ganzer Gesellschaft, an dofir ass et och legitim, dass an deem Fall direkt Subventiounen accordéiert kënnen ginn, well den Ëmweltschutz huet e wichtige Stellenwert, wat een nach eng Kéier muss ënnersträichen.

D'DP begréisst virun allem, dass och um communautaire Plang e Kader geschafe gëtt, fir de Betriber déi Aiden zoukommen ze loosse. Besonnesch am Hëllef op d'EU-Erweiterung ass dat e wichtige Schratt, well et dierf een net vergiessen, dass eng Rei vu Länner an d'Europäesch Unioen erakommen, wou besonnesch um Niveau vun dem Ëmweltschutz nach Problemer bestinn, well et an deene Länner nach vill Fabriken gëtt, déi net onbedéngt mat deem modernste Material équipéiert sinn.

Da muss een natierlech ënnersträichen, dass bei deem Gesetz et net nëmme ëm d'Energie geet, mä och ëm aner Moossnamen am Interêt vun der Ëmwelt, sief dat d'Protektioun vum Buedem, d'Loft, d'Waasser, oder ganz einfach de Mënsch ze schützen. Virun allem wann een d'Qualitéit vun eise Gewässer analyséiert, stellt ee fest, dass do nach eng ganz Rei vun Efforte gemaach musse ginn.

Ech wëll virun allem op den Aspekt Kaméidi hiweisen, Kaméidi, dee bal omnipresent ass, an dass elo de Betriber d'Méiglechkeet gebuede gëtt, well vill Produktiounsprozesser mat engem gewëssene Kaméidi verbonne sinn, fir op deem Gebitt zousätzlech Efforten ze maachen

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn der Meinung als Demokratesch Partei, dass eng Kapitalsubventioun jiddefalls méi effikass ass wéi eng Zënsbonifikatioun. An d'Tatsaach och, dass an deem Projet de maximal héchsten Taux applizéiert gëtt, ass jiddefalls de beschte Beweis, dass d'Regierung gewëllt ass déi erfollegräich Politik, déi vum Ëmweltministère agesat gouf, wat d'Ënnerstëtzung vun alternativen Energien ubelaangt, weiderzeféieren.

Allerdings muss ech nach op ee Punkt hiweisen. Dës Gesetz betrëft u sech nëmme déi Betriber, déi dem Wirtschaftsministère ënnerstinn. Mir wëssen, an dat ass och scho virdrun hei gesot ginn, dass parallel e Projet de loi ausgeschafft ginn ass vum Mëttelestandsministère, wou draus ervirgeet, dass virun allem den Handel an den Artisanat mat Sécherheet gewëllt si vill Investitiounen an deem Beräich ze maachen, an dass och si eng berechtigt Forderung kënnen stellen, fir an de Genoss vu Subventiounen ze kommen. Et muss ee sech allerdings d'Fro stellen, ob et net ubruecht wär, fir wierklech eng Kéier haart driwwer nozedenken, ob net solle Wirtschaftsministère a Mëttelestandsministère an enger Hand vereenegt ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir dass awer och dës Mesuren effikass kënnen ëmgesat ginn, ass et natierlech wichtig, dass eng gutt Sensibiliséierung vun de Betriber organiséiert gëtt, well et dierf ee jo awer net vergiessen, dass déi Investissemente sech net nëmme virdelhaaft op den Ëmweltschutz auswierke kënnen, mä ouni Zweifel ekonomesch Avantagé mat sech bréngen.

An hirem Avis huet zum Beispill d'Chambre de Commerce sech positiv iwwert dës Gesetzesprojet ausgeschwat a gläichzäiteg hir Hëllef um Niveau vun der Commission consultative ugebueden. Jiddefalls d'Politik huet all Interesse sech mat Experten ze concertéieren.

Iwwerhaupt muss ee mat Satisfaktioun feststellen, dass entgéint deem, wat munchmol, menger Meinung no fälschlecherweis besonnesch am industrielle Beräich behaupt gëtt, vill Leit gläichzäiteg de Reflex hunn Efforten ze maachen, fir d'Nuisancë fir d'Ëmwelt op e Minimum ze reduzéieren.

An deem Kontext kann een zum Beispill aus dem Avis vun der Chambre des Métiers zitieren, déi ënner anerem Folgendes festgehalten huet: „Ainsi la Chambre des Métiers préconise-t-elle depuis longtemps l'utilisation d'énergies renouvelables dans le but d'assurer la protection de l'environnement et peut donc approuver l'adoption d'un régime d'aide amélioré au profit des entreprises.“

Et kann een also als Konklusioun festhalen, dass mat deem Gesetz e weidere wichtige Schrëtt a Richtung méi Ëmweltschutz gemaach gëtt, an dat virun allem un eischter Linn wat de Klimaschutz ubelaangt. Dat ass e Wee, deen net nëmme muss hei zu Lëtzebuerg gaange ginn, mä deen natierlech muss méi eng europäesch Dimension kréien. Et ass evident, dass mir als Demokratesch Partei hanert deem Projet stinn.

Ech wëll ofschléissend mengem Fraktiounskolleeg Mil Calmes merci soe fir säi gudde mëndlechen an och schrëftleche Rapport.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här Alex Bodry agedroen. Den Här Bodry huet d'Wuert.

M. Alex Bodry (LSAP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat deem Gesetzesprojet ginn d'Regle fir d'Subventiounen fir d'Betriber, déi an dem Ëmweltschutz am Beräich rationell Energienotzung an erneierbaren Energien investéieren, geännert.

D'Ofännerung geet iwwert de Wee vun engem Spezialgesetz, dat eigentlech just déi bestehend Bestimmungen aus dem Gesetz vum 27. Juli 1993 iwwert d'Wirtschaftsentwécklung, den Artikel 7, ersetzt. Dës Gesetzesprojet ass keng eege Lëtzebuerger Initiativ. Et ass d'Konsequenz, déi direkt Folleg vun enger Décisioun vun der Europäescher Kommission vum 26. Januar 2001 - et sinn also elo zimlech genau op den Dag dräi Joer hier - iwwer e verännerte reglementaresche Kader, e verbesserte reglementaresche Kader, wat déi staatlech Hëlfe am Ëmweltschutz fir d'Betriber ugeet.

Dës Regierung ass och vun der Europäescher Kommission deemools, Ufank 2001, opgefuerdert ginn, déi aktuell Regeln aus dem Artikel 7 vum Gesetz vum 1993 bis Enn 2001 ze begrenzen oder vereinbar ze maache mat deenen neie Regeln. Wat ee muss soen, dat ass, dass dës Regierung sech vill Zäit geholl huet fir dat europäesch Regelwierk an d'Lëtzebuerger Recht ze adaptéieren, well se eréischt am Februar 2003, also 13 Méint no dem Délai, dee se vun der Kommission gesat kritt huet, dës Gesetzesprojet iwwerhaupt an der Chamber deponéiert huet, a mir sinn dann elo knapp ee Joer méi spéit an der Chamber hei amgaang fir dës Ofännerung vun de Bähëlleferegele guttzeheessen. Ech muss soen, dass dat e bëssen erstaunlech ass, dass do relativ lues gehandelt ginn ass. Et mag Ursaache fir dat ginn. De Minister ka vläicht a senger Stellungnahm dorobber agoen, firwat dass sech net un déi Délai vun der Kommission gehale ginn ass.

Dat ass bedauerlech, well an deem heite Fall jo dat net Bréisseler Regelwierk méi gönschteg ass wéi dat aalt Regelwierk vu Bréissel,

well déi maximal Tauxen eropgehuewe gi sinn a well also iwwert deen heite Wee dach awer elo zwee Joer, 2002 an 2003, eigentlech d'Betriber net déi Tauxe konnte kréien an deene Joren, déi se hätte kënnen kréien, wann déi heiten, déi nei Dispositiounen schonn a Kraaft gewiescht wäeren.

Dat ass, mengen ech, e kleng Makel, e kleng Schéinheitsfeeler an deem Ganzen, mä et ni ze spéit fir et guttzeemaachen. An effektiv, inhaltlech ass eigentlech zu deem heiten Text net vill ze soen, well et eng Transposition ass vun deene Méiglechkeeten, déi d'Bréisseler Regelwierk eigentlech deenen eenzelne State gëtt, an d'Regierung huet och dovunner profitéiert fir och déi maximal Tauxen-Hëlfe, déi vu Bréissel genehmegbar sinn, och hei an dat nationaalt Recht ze iwwerhuelen, quité dass d'Regierung, egal wéi se zesummesat ass, dass den zoustänneg Minister ëmmer eng Flexibilitéit huet fir net onbedéngt an alle Fäll - dat war an der Praxis esou - op den absolut maximalen Taux ze goen. Jee no der Investitioun, jee no dem Betrib kann een dat moduléieren, an ech mengen, dass een och déi Flexibilitéit, déi jo alt am bestehenden Text schonn dran ass, an déi och am neien Text dran ass, duerchaus ka verrieden.

Dës Ëmsetzung ass also, wéi gesot, keng nei, revolutionär Iddi op Initiativ vun dëser Regierung, mä et ass eng logesch Konsequenz vun Décisiounen, déi vun der Europäescher Kommission zu Bréissel geholl si ginn. Woubäi een effektiv muss feststellen, an déi Diskussioun hate mer och an deene viregte Regierungen, dass dat heite sech och aschreift an eng Reorientéierung eigentlech vun deem gesamte Regelwierk vun der Europäescher Kommission wat d'öffentlech Bähëllef fir d'Betriber ugeet, wou no an no déi flächendeckend Regimer ofgeschafft si ginn iwwert d'Joren, ofgebaut a schliesslech zum Deel ofgeschafft si ginn, just nach regional funktionéieren, a wou à contrepartie ëmmer méi cibléiert Hëlfe méiglech gemaach si ginn an eenzelne Beräicher, wou doduerjer och deen Taux da konnt no uewe gehéicht ginn.

Et war ëmmer d'Politik vun de Regierungen, ech mengen dat war och déi vun dëser Regierung, fir ze kucken do eng maximal Zuel vu Betriber kënnen an déi Hëlfe eranzekréien, an duerfir war ëmmer am Fong d'Meenung et sollt ee kucken esoulaang wéi méiglech deen allgemenge Regime ze halen, esou wäit dat méiglech ass, a vläicht net déi Spezialregimer voll auszuschöpfen, fir net iwwert déi maximal erlaabte Grenzen ze kommen. Elo falen déi allgemeng Regimer ewech an elo ass also Fräiraum do fir eigentlech an deene Spezialregimer, sief dat am Ëmweltberäich, sief dat och am Beräich Recherche et développement, dann effektiv déi maximal Tauxen ze iwwerhuelen.

Wat mer opgefall ass: Am Exposé des motifs zu deem Projet de loi bekennt sech d'Regierung ausdrécklech zu den europäesche Regeln an där doter Fro, zu där Richtung wéi d'Europäesch Kommission dat Regelwierk vun de Subventiounen fir Betriber festleet. An zwar seet d'Regierung dass se d'accord wär, dass am Prinzip solle weider am Allgemengen d'Hëlfe fir d'Betriber erofgesat ginn, d'Subventiounen fir d'Betriber also sollen erofgoen, mä dass een ewech soll kommen och vun engem allgemengen Hëllefssystem an hin zu enger Hiféierung vun deene Subventiounen geziilt a sou genannten horizontal Domänen, wéi zum Beispill dann och hei den Ëmweltschutz.

Interessant ass jo och hei, dass Hëlfe an hei virgesi sinn net nëmme am Beräich vun der rationeller Energienotzung, mä och am Beräich vun der Stromproduktioun, op Grond vun erneierbaren

Energien. Dat ass mengen ech de Corollaire zu deem Hëllefsmechanismus, Subventionsmechanismus, dee mer fir d'Privatpersounen hei zu Lëtzebuerg kennen, deen d'Regierung jo amgaangen ass ze adaptéieren op Grond vun den Erfahrungen vun deenen eischten zwee Joer. En Hëllefsmechanismus, deen awer fir d'Privatpersounen ausleeft um Enn vun deem Joer. Hei gëtt elo e Mechanismus virgesi fir d'Gesellschaften, déi déi also eng Gesellschaftsform hunn an déi erneierbar Energie produzéieren.

Meng Fro ass, well deen heite Projet scho méi laang deponéiert war, wou eigentlech déi Entwécklung net virauszugeset war wat d'Privat-haushalter ugeet, notament am Beräich vun der Photovoltaik: Wéi steet et elo hei mat de Betriber? Sinn déi Tauxen, déi hei an deem Gesetzesprojet drastinn, nach realistesche? D'Regierung huet jo am Prinzip decidéiert fir d'Hëlfe fir d'Photovoltaik erfzesetze wat d'Particulieren ugeet. Hei ass nach ëmmer den alen Text wat elo d'Sociétéiten ugeet. Ass do och geduecht dann deen Taux vläicht net voll auszuschöpfen? Ech hätt also gären och do eng Äntwert wéi d'Regierung logescherweis verfiert an deem Beräich vun der Photovoltaik.

Si gëtt manner fir d'Privatpersounen, déi esou Installatiounen ariichten. Da wier et eigentlech och logesch, an hirer Logik zumindest, fir dann och d'Hëlfe fir d'Sociétéiten erfzesetzen. Well soss schaaft een eigentlech zwee verschidde Regimer, an dat géif eigentlech dem Gläichheitsprinzip, wéi en an der Verfassung verankert ass, widerstreewen. Ech wär also och frou wann ech op déi dote Fro kënn eng Äntwert vun der Regierungsbänk kréien.

Wichtig schéngt et mer ze sinn, dat war eng Diskussioun, déi ech 1993 hat, wéi mer an der Regierung iwwert den Artikel 7 diskutéiert hunn, deemools, mam deemolege Wirtschaftsminister, dass déi spezifesch Hëlfe, déi de Stat hei gëtt, an déi kënnen jo relativ substanzuell si fir den Ëmweltberäich a fir den Energieberäich, dass déi awer u strikt Kritäre musse gebonne gi wat den Ëmweltschutz ugeet, wat den ökologesche Wäert vun deenen Investissemente do ugeet. Et dierf net sinn, dass, wann een en einfachen Ëmweltstandard mécht, ouni en zousätzlechen Effort ze maachen als Betrib, een dann héichprozenteg Subventiounen asäckelt.

Wat wichtig ass, an dat ass jo och hei festgehalde ginn, och wann dat eng relativ verkorkste Formulierung ass, dat ass, dass een eigentlech am Prinzip muss, wann Normë bestinn, iwwert déi Normen eigentlech muss komme mat deenen Investissemente, déi een am Ëmweltberäich als Betrib tätegt, an dann eréischt kritt een zousätzlech staatlech Bähëlfe. Een deen de strikte Minimum mécht, wéi déi europäesch oder déi national Regelung dat virgesäit, deen dierf eigentlech a priori net an de Genoss vun deenen héije staatleche Belegeunge kommen. Wie méi mécht wéi dat wat e muss maachen, dee soll gehollef kréien.

Ech géif mer wënschen, dass iwwert dat eraus wat bis elo ausbezuelt ginn ass, iwwert den heitegen Artikel 7 vum Gesetz vum 1993, mat där neier Regelung méi Betriber, méi Projekte kënnten an de Genoss vun deenen Hëlfe kommen, ouni de Standard natierlech erfzesetzen.

Wann een déi Zuele kuckt, dat ass awer relativ bescheiden: am Joer 1999 0,3 Milliounen Euro, 2000 0,9 Milliounen Euro, 2001 0,5 Milliounen Euro. Wann een dat vergläicht mat deenen Investissemente am Industrieberäich, well et ass jo haaptsächlech d'Industrie, déi heivunprofitéiert, da sinn dat Peanuts, wann ech dat kann esou soen. Do musse gemeinsamen Ef-

forte gemaach ginn. Et ass net d'Haaptschold vun der Regierung, mä do sinn d'Betrib selwer och gefuerdert fir méi ze maachen an deem Beräich.

Mir sinn der fester Iwwerzeegung, dass e Betrib, deen an déi modernsten Techniken am Émweltberäich investéiert, herno insgesamt vum Techneschen hier e moderne Betrib huet, e wettbewerbsfäege Betrib an e Betrib, deen iwwer laang Jore Chancen huet sai Match an der Wirtschaft ze maachen. Et ass an deem Sënn, wou mer hoffen, dass deen heite Projet wäert gräifen a mer am Émweltschutz och um betriibleche Plang e Stéck virukommen.

Merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Fernand Greisen agedroen. Den Här Greisen huet d'Wuert.

M. Fernand Greisen (ADR).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt och e Merci un all déi Leit, déi un deem Projet matgeschafft hunn an u meng Virriedner. Si erlabe mir net méi brauchen op alles am Detail anzugeen.

Mat deem Projet ginn nei Regeln agefouert fir finanziell Hëllef u Betriben. Op Investitiounen fir d'Émwelt ze schouwen, fir d'Energie rationell ze notzen a fir erneierbar Energien ze produzéieren, gëtt e maximale Wäert ugewannt.

Den ADR ënnerstëtzt dës Initiativ weinst hir Bedeitung fir d'wirtschaftlech Entwécklung vun eisem Land a weinst der Noutwendegkeet weltwäit, also och bei eis, nei a regenerativ Energiequellen ze fördern an d'Émwelt ze erhalen. Den ADR wäert herno dëse Projet matstëmme. Leider huet et e puer Joer ze laang gedauert ier d'Regierung gehandelt huet. De Betrib ass vill Hëllef versot bliwwen duerch d'Vertreter vum der Regierung.

Am Artikel 1 steet wéi déi geplangte Bähëllef ausgesäit. Et ass gesot ginn, et soll eng finanziell Hëllef fir d'Industriebetriben sinn, déi hir Aktivitéiten zu Lëtzebuerg hunn, wa se eppes ënnerhuele fir d'Émwelt ze schützen, oder awer fir Déngschtleeschungsbetriben, déi en dreiwenden Afloss op déi wirtschaftlech Entwécklung hunn.

Et soll eng finanziell Hëllef gi bei Investitiounen fir Energie aus erneierbaren Energiequellen ze produzéieren, wann de Betrib als Handelsgesellschaft no Lëtzeburger Recht hei niddergelooss ass. Besser wier et an den Ae vum ADR gewiescht, wann och d'Handwerksbetriben an de Genoss vun dësen Hëlfeën hätte kënne kommen. Dëst verlaangen d'Handwerkskammer, d'Handelskammer, grad esou wéi de Statsrot. Mä weinst der Kompetenztrennung vun de verschiddene Ministären - schwaarz fir de Mëttelstand, blo fir d'Industrie - ass dat hei am Land leider net méiglech.

Der Vollstännegkeet halber sief gesot, dass de Wirtschaftsminister mengt, dass mam Gesetzesprojet 5148 vum zoustännege Minister vum Mëttelstand genuch Hëllef fir d'Handwerk ënnerwee war.

Am Artikel 2 sinn eng Rei vun Definitioune festgeluecht op déi ech hei net am Eenzelne brauch anzegeen. Wat fir Investitiounen a Fro kommen a wéi héich dës sinn, ass an den Artikelen 3 bis 6 festgeluecht an ass och do nozeliesen. Och hei wéi esou oft muss bemängelt ginn, dass d'Regierung déi Reglementer nach net virgeluecht huet, déi d'Héicht vun der Bähëllef an d'Aktivitéiten, déi ënnerstëtzt ginn, am Detail festleeën.

Weider gëtt am Artikel 7 eng Erhéijung vun 10% op der Bähëllef virgesinn, wann et sech ëm e klengen oder méttlere Betrib dréint. Den ADR begréisst dëst, well et jo grad dës Kleng- a Mëttelbetriben sinn, déi haut nach am meeschte fir eise

wirtschaftlechen Erfolleg maachen an dobäi ganz gewaltig ënnert de staatlechen Oplagen ze leiden hunn.

Op d'Artikelen 8 an 9 brauch ech net méi am Detail anzugeen. Dat hu meng Virriedner genuch gemaach. Festgeluecht gëtt hei wéi eng Zorte vun Investitiounen fir Bähëllef a Fro kommen, a wat fir Betribskäschte fir d'Berechnung vun der Hëllef matgezielt dierfe ginn. Dëst ass och am beschten am Text nozeliesen.

Am Artikel 10 kréie Kleng- a Mëttelbetriben eng Iwwergangsperiod vun dräi Joer zougestanen an Héicht vu 15% vun de Käschten, wann nei europäesch Normen ugeholl ginn.

Ennert wéi enger Form d'Hëllef virgeholl gëtt, steet am Artikel 11. Déi zoustännege Ministere kënnen dës Hëllef fir Investitiounen verdeelen, nodeems se en Avis bei enger berodender Kommissioun gefrot hunn. Zesummesetzung an Aarbechtsweis vun dëser Kommissioun mussen per Reglement festgeluecht ginn. Och dëst Reglement ass nach net do.

Den Artikel 12 seet, dass d'Demandé mussen gemaach ginn ier gebaut oder investéiert gëtt.

Am Artikel 13 gëtt d'Prozedur festgeluecht wéi d'Kommissioun schafft.

Da gëtt nach am Artikel 14 festgeluecht, dass dës Hëllef a bestëmmte Fäll zrëckbezuelt muss ginn. Zum Beispill, wann am Zäitraum vu fënnf Joer d'Investitiounen net gebraucht oder aneschtens wéi virgesi genotzt gi sinn.

Am leschten Artikel, dem Artikel 15 gëtt festgeluecht, wat fir Ministeren zoustänneg si fir dës Hëllef ze organiséieren. Et sinn dat de Wirtschaft- an de Finanzminister. Dazou eng Bemierkung aus der Erfahrung vum wierkleche Liewen eraus, esou wéi eis Betriben et müssen iwwer sech ergoe loosse. Den ADR hofft, dass heimat dës Betriben net eng zousätzlech administrativ Belaaschtung vun der Verwaltung operluecht gëtt an dës Hëllef zügeg an onkomplizéiert ausbezuelt ka ginn, ouni jorelaang Verspéidung, wéi dat haut nach virkënn.

M. Henri Grethen, Ministre de l'Économie.- Dat ass dach net wouer!

Et ass net, well Dir et op der Chambertribün sot, dass et wouer ass. Sot mer een Industriebetrib, deen hätt misse waarden. Een!

Sot mer een, elo direkt. Dir hutt gesot si misste waarden!

M. Fernand Greisen (ADR).- Här President, den Här Minister freet e Betrib ze nennen.

M. Henri Grethen, Ministre de l'Économie.- En Industriebetrib.

M. Fernand Greisen (ADR).- Ech wäert dem Här Minister e Betrib privat nennen, well ech kann et net verantworten, dass e Betrib och nach en décke Kapp gemaach krëich vun der Verwaltung, well en hei öffentlech genannt gi wär.

(Interruptions)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den ADR wäert dës Projet matstëmme, well et méi wéi jee noutwendeg ass eis Betriben ze ënnerstëtzen an an d'Émwelt ze investéieren.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Camille Gira agedroen. Den Här Gira huet d'Wuert.

M. Camille Gira (DÉ GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës Projet weist eis, wou et an Zukunft an der EU nach méiglech wäert sinn iwwer staatlech Subsidien nei Nischen opzebauen. Dat ass virun al-

lem am Émwelt- an Energieberäich.

Et ass virauszegesinn, dass am Bannemaart mëttelfristeg déi eenzeg staatlech Bähëlfeën, déi nach toleréiert wäerte ginn, déi aus dem Émwelt- an Energieberäich sinn, an dofir fanne mir et als Gréng schued, dass dës Regierung net konsequent op dës Méiglechkeete gesat huet fir Betriben mat deem Émweltargument op Lëtzebuerg ze lackelen. Mir fannen et schued, dass dës Regierung an hirer Diversifizierungspolitik net konsequent op den Émweltsektor gesat huet. Mir fannen et och schued, dass dës Regierung mol net usazweis eng Strategie entwéckelt huet, fir d'Méiglechkeeten, déi d'Kommissioun eis am Beräich Émwelt nach léisst, maximal auszenotzen.

Mir hunn dat Gefill, dass dës Regierung den Émweltfaktor nach ëmmer als e Käschtefaktor ugesäit an net als eng Chance, fir mar un der Spëtzt vun engem Sektor ze stoen, dee mat déi gréisste Wuessenschancen an Zukunft, an deenen nächste Jorzéngte wäert hunn.

D'Fro, déi sech stellt, ass déi: Ännert dëst Gesetz dës, an eisen Aen, bedauerlech Situatioun? Mir mengen, dass dat net grondleeënd sécher wäert sinn, mä zumindest liwwert et déi theoretisch a finanziell Grondlag fir d'Entwécklung an eng besser Richtung ze steieren.

Mir soen awer grad esou kloer, wann net parallel zu dem Vote vun deem Gesetz eng Strategie entwéckelt gëtt, fir den Émweltsektor systematesch opzebauen, wann net Strukturen opgebaut gi fir d'Méiglechkeeten, déi dëst Gesetz bitt, dobaussen ze verkaufen, wann net praktesch Reesender mat deem Instrumentarium iwwer Land zeie bei d'Betriben, fir hinnen ze soen, wat alles u Méiglechkeeten ass, a schlussendlech wann net och e Mentalitéitswandel bei de politesch Verantwortlechen a bei de Chef-d'entreprise kënn, da wäert dëst Gesetz, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, esou wéi den Artikel 7 aus dem Gesetz vun 1993 zu engem groussen Deel Lettre morte bliwen.

Den Här Bodry huet elo grad hei Zuelen op den Dësch geluecht. Ech sinn him dankbar dofir. Wann ee vergläicht, wat generell un Aiden un d'Ekonomie ausbezuelt gëtt iwwert d'Gesetz vun 1993, a wann een da kuckt wéi minimal déi Montanten opgrond vum Artikel 7 sinn, dann huet een d'Gefill, dass do wierklech keng Strategie hannendrun ass, dass do net offensiv d'Méiglechkeete vum Artikel 7 genotzt ginn.

Ech wëll nach eng Kéier betounen: Net eleng d'Regierung, mä och eng Rei Chef-d'entreprises hunn nach ëmmer net erkannt, dass Émwelt och e ganz wichtige Bestanddeel vun hirer Strategie d'entreprise ka sinn, mä och misst sinn, fir an engem ëmmer méi komplizierten Émfeld ze iwwerliewen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Gréng wäerten dëst Gesetz trotz allem stëmme, obwuel och mir et besser fonnt hätten, wann och den Handwerksberäich hätt kënne direkt iwwert dëst Gesetz vun dësen Aidë profitéieren. Mä wéi dat dann zu Lëtzebuerg ass, wou all Minister gär seng eege kleng Bréidercher baakt an och selwer nach u seng spezifesch Clientèle verdeelt, si mer dann elo mam Phänomeen konfrontéiert, dass eigentlech net manner wéi fënnf, wann ech de Finanzministère nach derbärechnen, sechs Ministären iergendwéi am Energieberäich matmëschen. Den Émweltministère fir déi Privatleit, den Energieministère fir d'Betriben, de Wirtschaftsministère fir déi industriell Betriben, de Mëttelstand fir de Mëttelstand a schlussendlech nach de

Landwirtschaftsminister fir de Biogas.

Här President, do ass et kee Wonner, wa mer e risegen Duercherneen dobaussen hunn, do ass et kee Wonner, wa kee Mënsch sech méi dran erëmfënnt an dat dréit sécherlech och net dozou bäi, dass mer eng Investissementssécherheet hunn, dass d'Leit wësse wou se sech solle wenden, dass se a relativ kuerzer Zäit gutt berode ginn an eigentlech maximal vun all deenen Aidë kënne profitéieren. A wann do sou vill Käch probéieren eng Zopp ze kachen, da brauch ee sech net ze wonneren, dass eng kloer a kohärent Strategie am Energieberäich an dëser Legislaturperiode net méiglech war. Mä vläicht léiert eng nächst Regierung aus dëse Feeler a schafft vläicht e staarken Energieministère, deen all Kompetenzen an deem Beräich regruppéiert an dee vläicht a Personalunion vun engem Émweltminister gefouert gëtt.

Well, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an eisen Aen ass d'Energiefro am 21. Jorhonnert keng Käschtefro, mä eng Émweltfro. Jo eng Fro. An ouni wëllen hei den Däiwele un d'Wand ze molen, eng Fro vum Iwwerliewe vum der Mënschheet. An een dee mengt - an ech mengen an dëser Regierung gëtt et där leider awer nach e puer -, et wär ëmmer nach just eng Wirtschafts- a Käschtefro, deen huet d'Zeeche vun der Zäit an eisen Aen nach net erkannt. Meng Hoffnung ass awer, dass an de Betriben ëmmer méi Leit d'Zeeche vun der Zäit erkennen a fir déi Leit kann dëst Gesetz e wäertvollt Instrument sinn an dofir wäerte mir, wéi gesot, et och stëmme. Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Minister Henri Grethen.

M. Henri Grethen, Ministre de l'Économie.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir dësen Text eigentlech richtig ze verstoen, kommen ech net derlaanscht, fir ze rappeléieren, dass um europäesche Plang d'Subventiounen am Industrieberäich prinzipiell verbuede sinn an nëmme an Ausnahmefäll rechtens sinn; dat gëtt surveilléiert vun der Kommissioun. An hei an deem Fall hate mer e Regime a mir hu vun der Kommissioun matgedeelt kritt, dass deen net méi ënnert där Form weiderzeféiere wär. An dofir hu mer misse en neien Text ausschaffen, dee kompatibel war an ass mat deem neie communautären Encadrement an där Matière.

Mir hu fir d'éischt - an dat ass eng vun den Antworten, déi ech dem Här Bodry wollt ginn -, nodeem mer eisen éischten Text ausgeschafft haten, an intensive Kontakter mat der Kommissioun gekuckt, ob mer en Text géife kréien, ob mer en Text redigéiert hätten, deen den Accord vun der Kommissioun géif fannen. An eréischt nodeem mer offiziös matgedeelt kritt haten, dass deen Text, dee mir ausgeschafft haten, den Accord vun der Kommissioun géif kréien, hu mer deen Text offiziell hei an der Chamber ageerecht. An Dir hutt an Ärem Document parlementaire jo och déi offiziell Antwort, déi 2003 vun der Kommissioun koom, wou se dee Regime, dee mir haut der Chamber zum Vote proposéieren, akzeptéiert hunn.

Mir wëssen natierlech - an dat ass eng zweet Suerg, déi den Här Bodry geäussert huet, mä anerer och, awer besonnesch den Här Greisen an enger manner héiflecher Form, well hie gemengt huet e misst drauser der Regierung natierlech erëm e Stréck dréinen -...

(Interruption)

Et ass keng schéi Welt, Madame Wagener an deemno wéi ee se gesäit, da leeft een net esou gutt.

Une voix.- Et war och net besser wéi Dir an der Opposition waart.

(Hilarité)

M. Jean-Pierre Koepp (ADR).- Et ass awer elo besser ginn.

M. Henri Grethen, Ministre de l'Économie.- Merci, Här Koepp.

(Hilarité)

Här President, dësen Text gesäit ausdrécklech vir, dass all Demanden, déi nom 1. Januar 2002 ageerecht goufen - an dat ass eng Ausnahm - réckwierkend subventionnabel sinn. De Prinzip ass - an dat ass en Ennerscheid tëschent der Loi-cadre vun der Industrie an där vun de Classes moyennes, et goufen ëmmer zwou Lois-cadres, déi scho bestanen hunn éier de Ministère vun der Ekonomie an dee vun de Classes moyennes getrennt gi sinn, eng spezifesch fir d'Industrie an eng fir d'Classes moyennes -, dass et ëmmer esou war, dass an der Industrie d'Projeten, d'Demandé mussen erakommen éier Der de Projet ufänkt. An de Classes moyennes kënn Der eng Demande fir eng Hëllef maachen, och wann de Projet schonn ofgeschloss ass. An der Industrie muss Der am Viraus ufroen. A mir hu selbstverständlech all Industriebetrib, dee susceptibel ass ënnert dës Dispositiounen ze falen, doriwwer informéiert, dass mer eréischt nom Vote vum Gesetz kënnen deen Deel vun der Aide, deen dat hei betrëfft, festleeën.

An da wollt ech eppes Drëttes soen, well den Här Gira dorobber agaangen ass, Här President. Hei geet et net drëms duerch dëst Gesetz eng Industrie ze fördern, déi am Émweltberäich tätég wier, hei geet et schonn drëms Industrie-Entpreisen ze hëlfeën...

M. Camille Gira (DÉ GRÉNG).- Et kéint ee jo awer vläicht béides kombinéieren.

M. Henri Grethen, Ministre de l'Économie.- Neen, Här President, dat ass net méiglech, den Encadrement communautaire léisst dat net zou. Mir hunn als Land net dat Recht.

Ech sinn zum Beispill interesséiert drun, eng Entreprise op Lëtzebuerg ze bréngen, déi an der Photovoltaik tätég wier, well mir jo als Land Weltmeeschter sinn an der Photovoltaik. Ech sinn also drun interesséiert, fir eng Entreprise op Lëtzebuerg ze kréien, déi esou Équipement géif hei zu Lëtzebuerg hirstellen. Ech därf - also net ech, mä de Ministère oder d'Regierung - awer esou enger Entreprise net déi maximal Tauxe ginn, déi hei virgesi sinn, mä därf ëmmer nëmme an Kader vum Encadrement communautaire bliwen, dat heescht, dat, wat elo an der Loi-cadre virgesinn ass.

Mir kënnen do net dee Plaffong vu 15% no uewen iwwerschreiden, wéi dat an deem Text virgesinn ass. Dat hei ass spezifesch nëmme fir Équipement, fir Installatiounen, déi iwwert déi Basisnorm erausginn. An nëmme deen Deel oder deen Équipement ass subventionnabel an et ass net automatesch, wann ee mengetwegen, huele mer emol un eng Photovoltaikinstallatioun als Industriebetrib op säin Daach mécht, dass ee 40% kritt. Et muss e kucken, wann am Kader vun der Kommodo-Inkommodo-Autorisatioun géif gesot ginn, mä dat do muss gemaach ginn, dann ass dat de Standard an da muss ee kucken, wéi dat agencéiert gëtt.

Da gëtt och, Här President, vun eenzelne Riedner gesot, déi Montante wiere relativ kleng. Dat huet ënner anerem domadder ze dinn, dass mer do déi zwee Regimer mussen mateneen harmoniséiere loosse. A wann, well dat och ugeschwat ginn ass, och vum Här Gira, vun de Privathaushalter, e Privatstot oder e Privatmann, mengetwegen an d'Photovoltaik investéiert, dann hat deen ënnert deem Regime, wéi en an der Vergaangenheet war, eng Subventioun ze

gutt op där Installatioun déi e gemaach huet. En huet do dernievent de garantéierten Einspeisepräis kritt, wou d'Fräen iwwert de Fonds de compensation gedroe ginn an e kritt während enger Rei Joren e Subsid vun engem gewesene Montant.

En Industriebetrieb ka selbstverständlech gegebenfalls och e Subsid kréien op der Energie, déi e produzéiert, mä de Montant maximal vun der Hëllef däerf net iwwer 40% vun der Installatioun erausgoen, sou dass et eigentlech méi einfach fir de Betrib ass, wann en op de garantéierten Einspeisepräis verzicht, wann e verzicht op eng Subventioun op där Energie, déi e produzéiert, an eenzeg an eleng op der Installatioun Subsiden uffreet. Mä dat muss de cas en cas diskutéiert ginn.

Bleift dann natierlech de Problem, well mer zwou Gesetzgebunge kréien. Et ass well den Här Greisen sech och Suerge gemaach huet doriwwer, et ass relativ einfach. Deem seng Handelermächtigung vum Wirtschaftsminister ënnerschriwwen ass, dee weess, dass en an dësem Gesetz ass. Deem seng Handelermächtigung vum Mëttelstandsminister ënnerschriwwen ass, dee weess, dass d'Gesetzgebung vum Mëttelstand do applicabel ass. Dat dierften also keng Schwieeregkeete sinn, fir dat Gesetz och am Chef vun de Chefs d'entreprises, well mer sollen déi net ëmmer als mannerjähreg ugesinn, ëmzesetzen.

Dat gesot, Här President, freeën ech mech driwwer, dass mer esou eng breet Zoustëmmung zu deem Text kréien. Ech kann och der Chamber soen, dass mir, subal dat publizéiert ass, toutes affaires cessantes, wäerten dofir suergen, dass mer déi Kommissiounen - a si sinn net verschidde vun deenen, déi elo am Zesummenhank mat der Loi-cadre funktionéieren - esou séier wéi méiglech wäerten asetzen, fir dass d'Betriben, esouwäit wéi se op déi Hëllef waarden, esou séier wéi méiglech an de Genoss vun den Dispositiounen vum Gesetz kommen.

Merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 5099 a mir stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)

D'Artikelen 1 bis 18 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kéimen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de virleiende Projet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder enthalte sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen an enger Abstentioun.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par M. Théo Stendebach), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes (par M. Lucien Clement), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferry Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par Mme Nancy Arendt), Marcel Sauber (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres (par M. Georges Wohlfart), M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Lucien Lux), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké (par M. Ben Fayot), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.

S'est abstenu: M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel ?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Kolleginnen a Kollegen, mir géingen dann elo nach de Bericht-

erstatte vum Projet de loi 5154 lauschteren an da fir haut Schluss maachen a muer de Moie weiterfuere mat der Discussion générale.

D'Wuert huet elo de Berichtstatter vum Projet de loi 5154, den Här Emile Calmes.

12. 5154 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 24 juillet 2000 relative à l'organisation du marché de l'électricité

Rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Transports

M. Emile Calmes (DP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dem Gesetz 5154 ännere mer dat Gesetz vum 24. Juli 2000 ëm, wou et ëm d'Organisatioun vum Stroummarché geet, wou mer sengerzäit an d'Lëtzebuerger Gesetzgebung déi Direktiv aus dem Joer 1996, déi sou genannt Stroumliberaliséierungsdirektiv, agefouert hunn. E Gesetz wat mer awer och deemnächst erëm mussen ëmänneren, well schonn erëm eng nei Direktiv do läit a wou mer dann ënner Emstänn nach eng aner Direktiv kënnen matverschaffen, nämlech déi sou genannt Cogénératiounsdirektiv, well och do ass d'Kommissioun amgaangen eng auszeschaffen. Nun, firwat, a wat ännere mer u sech un deem Gesetz hei?

Dat Gesetz berout op enger anerer Direktiv aus dem Joer 2001, wou et ëm d'Promotioun vun der Stroumproduktioun geet op Grond vun erneierbaren Energien. Des Weidere ginn eng Partie Retouchen um Gesetz gemaach, déi awer elo net déi allergréisste Wichtigkeet hunn. Nun, ëm wat geet et an där Direktiv?

Éischtens geet et drëm national Objektiv festzesetzen, Objektiv, déi awer nëmmen indikativ sinn. Esou huet zum Beispill d'Europäesch Gemeinschaft an hirem Wäissbuch virgesinn, dass si den Undeel vu Stroum, deen op Grond vun erneierbaren Energie produzéiert gëtt, bis d'Joer 2010 op 12% wëllt erhéjen. Lëtzebuerg huet sech engagéiert fir en Taux vu 5,7%.

Wéi gesot, d'Regierung mengt och, et wier net liicht dësen Taux ze erreechen, mä loosse mer emol um

Enn vun der Zäit kucke wat fir eent vun all deene Länner, déi sech zu méi engagéiert hunn, méi wäit komm ass wéi Lëtzebuerg. Fir mech si mer op jidde Fall hei um richtege Wee.

Des Weidere gesäit déi Direktiv vir, dass periodesch Rappore sollen der Kommissioun presentéiert ginn iwwert d'Realisatioun en vue vun dësen Objektiv. Dës Rappore sollen an deem Sënn analyséiert ginn, fir dann déi Objektiv, déi indikativ sinn, vläicht duerno obligatoresch kënnen ze maachen.

Des Weidere wëllt déi Direktiv d'Basis leeë fir deen zukünftigen europäesche Regime vun Hëlfelefen an Ennerstëtzen, wat d'erneierbar Energien ugeet. Bis dohinner ginn dës Hëlfelefen national geregelt an no enger Zäit ginn dann op Grond vun deene Rapporen dës Hëlfelefen évaluéiert an op Grond vun deenen Erfahrungen, déi do gemaach gi sinn, gëtt dann decidéiert fir en europäesche Regime ze maachen. Den Datum, wéini dass dat soll gemaach ginn, ass op de 27. Oktober 2005 fixéiert ginn, wou d'Europäesch Kommissioun sech dann domat wëllt befaassen.

Dat zweet wat awer dës Direktiv gare vun de Länner hätt, dat ass, dass eng Garantie d'origine fir Stroum, deen op Grond vun erneierbaren Energie produzéiert gëtt, agefouert gëtt. Et ass elo net ze verwiessele mat de Certificats verts. D'Certificats verts waren u sech geduecht fir en europäesche Marché vu Stroum ze maachen, deen op Grond vun erneierbaren Energie soll gemaach ginn. Dat ass nach net de Fall. Mä et ass u sech en éischte Schratt an déi Richtung. Et geet hei drëm d'Produktioun vu Stroum op Grond vun erneierbaren Energie méi transparent ze maachen an esouwuel dem Distributeur, dem Transporteur, wéi awer och dem Endkonsument ze erlaben an d'Garantie dann och ze ginn, dass dee Stroum wierklech op Grond vun erneierbaren Energie produzéiert gëtt.

Déi Direktiv seet de Länner dann och, dass se sollen hir Autorisationsprozeduren iwwerschaffen, fir esou déi reglementaresch, awer och déi net reglementaresch Hindernisser aus dem Wee ze räumen, an hei soll och periodesch doriwwer rapportéiert ginn.

Niewent der Garantie d'origine an der Autorisationsprozedur ass dat hei dann eng vun deenen Disposi-

tiounen, déi mir an d'Lëtzebuerger Gesetzgebung iwwerhuelen, ganz einfach andeem dass mer eng Autorisatioun um Niveau vun deem Gesetz ofschafen, fir d'Produktioun vu Stroum op Grond vun erneierbaren Energien. Et bleiwen awer nach déi Dispositiounen, déi am Kommodosgesetz stinn an et sinn déi, déi jo vum Umweltministère da kontrolléiert ginn.

Déi verschidde Staten hu sech dann och engagéiert dem Stroum, deen op Grond vun erneierbaren Energie produzéiert gëtt, eng Garantie ze ginn, dass deen och en Accès op de Marché iwwerhaupt huet an dass deen op deem Niveau transportéiert, dann och verdeelt ka ginn. Hei hunn d'Länner de Choix entweder e juristesche Kader ze setzen oder awer, dass déi verschidden Transport- a Verdee-lerbetreiber sech gemeinsam Regele ginn, wéi et sech mat der Prise en charge vun deene Käschten huet, déi doduerch entstinn, dass Raccordements- oder Renforcementsinfrastrukture mussen adaptéiert ginn, wann nei elektresch Anlagen ugeschloss ginn.

Voilà, dat gesot, wëll ech drun erënneren, dass d'Regierung sech drop beschränkt an dësem Gesetz just technesch Adaptatiounen ze maachen. Iwwregens huet den Umweltminister de Volet Objectif indicatif op där enger Säit an och fir de Rescht d'Procédure d'autorisation iwwert d'Kommodosgesetzgebung.

Dëst gesot, mengen ech, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, kann ee soen, dass dat hei e Gesetz ass, wat an Zukunft e positiven Afloss op d'Entwécklung vun der Produktioun vu Stroum op Grond vun erneierbaren Energien an der Europäescher Gemeinschaft wäert hunn. Zu Lëtzebuerg ass dat zanter véier Joer schonns de Fall. An deem Sënn géif ech lech invitéiere muer dësem Gesetz Är Zoustëmmung ze ginn.

Merci.

M. le Président.- Kolleginnen a Kollegen, domadder wiere mer um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm. D'Diskussioun an de Vote iwwert de virleiende Projet geschéien an der Sitzung vu muer. Déi Sitzung fänkt um néng Auer un.

D'Sitzung vun haut ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.02 heures)

Chamber TV



Chambre
des Députés
L U X E M B O U R G

um Réseau vun der Eltrona / Siemens (imagin)

um Kanal S40 / 455.25 Mhz

um Réseau vun der Coditel

um Kanal S 29

och an der Rediffusioun all Sëtzungsdag vun 19.00 Auer un